



## Commission de la circulation du 22.02.2022

Ufank 20h00

### 1. SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE

**8/13 membres présents :** Marc BUCHLER, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Patrick CINCIS, Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Gilles KLEIN, Patrick KRAEMER,

**5/13 membres excusés:** Rick EDERT, Marc HOFFMANN, BISENIUS Jean-Claude, Ben BAUS, Jean-Jacques BUTTEL

**Président de la séance:** José FERNANDES

**Sekretär :** Patrick EVERARD

Invités : Frank CONRAD (Buergermeeschter), Joske VOSMAN (Echevin)

### 2. VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LESCHTER VERSAMMLUNG

Den Rapport vun der Versammlung vum 22.09.2021 gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 3. REAKTIOUN VUM SCHÄFFEROT BETREFFEND VERSCHIDDEN UFROEN VUN DER VERKÉIERSKOMMISSIOUN

- **Betreffend dem Schoultransport an der Organisatioun vum Stroosseverkéier, dem sécheren Schoulwee, dem Busreseau an den Busarrêten am Zesammenhang mat der neier Schoul zu Brouch?**

*Den Bureau d'Etudes huet den Gemengeverrieder déi éischt Analyse vun der Situatioun an den éischten Projet presentéiert. Bei dëser Präsentatioun missten nach e puer Upassungen gemaach gi, an duerno gët den Projet der Verkéierskommissioun fir een Avis virgeluecht.. Déi 3 Phasen wou haaptsächlech ausgeschafft ginn betreffen d' Busarrêten/haisecher, d'Foussgängeriwergäng an d'Belichtungen. Bis d'Rentrée den 15. September 2022 gëtt versicht een maximum vun den Virschléi ëmzesetzen.*

*D'Verkéierskommissioun mécht drop opmierksam dass een bei dem Projet vum "sécheren Schoulwee" och muss bedenken dass et eng grouss Problematik gëtt wéinst der héijer Frequenz vum Vidange vun den verschiddenen Poubellen, déi op den Deeg wou se eidel gemaach gi, d'Trottoiren blockéieren, an soumat d'Sécherheet vun de Schoulkanner gefäerden.*

- **Betreffend der Beschëlderung an eiser Gemeng fir dass d'Servicer vum CGDIS**  
*Et si scho verschidde Schëlder bäikomm zu Béiwen an de Citéen, an et gin och nach weider nei Schëlder installéiert. Vu Säiten vum CGDIS gouf et och eng Analys betreffend där Problematik.*

- **Betreffend der Problematik vun der Streck Brouch – Sëll (ze schmuel well d'Beem ze no un der Fuerbunn stinn), d'Kräizung vun der CR115 an der N8 (Mise en sécurité)**  
*D'Gemengeverrieder stinn am reegelméissegem Kontakt mat der P&CH fir Léisungen ze fannen, kënnen awer selwer an deenen Dossier'en keng Décisiounen huelen well et sech net em Gemengestroossen handelt, an soumat net an hiren Kompetenzberäich fält.*

### 4. RUE D'ASEMBOURG, RUE DU CHÂTEAU ET RUE DE MERSCH À HOLLENFELS

Aktuell gin an der rue d'Ansembourg Aarbechten duerchgefouert an ass och aus dem Grond gespaart. D'rue de Château ass och nach ëmmer net befuerbar säit dem Äerdruusch.

Een Projet vum Ministère de la Mobilité et des Travaux publics gesäit vir en neien Veloswee vun Useldange op Keispelt ze amenagéieren. Dësen Wee géif dann duerch Bëschdref, Brouch, Huelmes an den Mariendall féieren. Den Avant-Projet gouf der Verkéierskommissioun fir een Avis virgeluecht.

Den finalen Tracé vum Vëloswee muss nach definéiert gin, an kann engersäits duerch rue du Château féieren oder iwwert d'rue d'Ansembourg.

D'Kommissioun hält fest dass si dem Projet, deen si vun den Gemengevertrieder präsentéiert kruten, ganz favorabel géintwärt stinn an d'Erweiderung vun dem Réseau vun der Mobilité Douce ënnerstëtzen engem Tracé duerch Huelmes näischt entgéint ze setzen hunn.

Et goufen awer verschidden Punkten festgehalten, déi an der nächster Versammlung vun der Verkéierskommissioun méi an Detail analyséiert gin:

1. Vun der Topographie hier ass den Wee vun Huelmes duerch d'rue du Château duerch den Mariendall an erop duerch rue de Keispelt relativ géi, bis zu enger Pente vun 14%
2. Géif d'rue du Château och rem fir den Autosverkéier opgemaach gin, oder bléift et een rengen Veloswee.
3. Wéi gët den Verkéier an der rue d'Ansembourg gereegelt? D'rue du Château an d'rue d'Ansembourg sinn allebéid net ideal fir den Verkéier an zwou Richtungen op ze loossen.

Betreffend der rue de Mersch (CR 113), aktuell déi eenzeg Strooss déi Huelmes mat der CR 105 verbënnt, goufen d'Gemengevertrieder gefrot fir een Rapport d'Expertise vun der P&CH ze kréien fir d'Sécherheet vun dëser Streck ze garantéieren.

#### **5. CR116 BUSCHDORF - OBENTHALT**

Op Nofro fir op der Streck zwëschen Buschdorf an Obenthal d'Vitesse op 70 km/h ze reduzéieren, gëtt et vun Säiten der P&CH eng Réckmeldung dass déi Ufro verworf gouf.

#### **6. BELICHTUNG AN DER GEMENG HELPERKNAPP**

An der nächster Sëtzung gëtt op dësen Punkt op den Ordre du Jour gesat, fir ze analyséieren op d'öffentlech Plazen an d'Parkplazen hell genuch belicht sinn.

#### **7. "VÉLOSUMMER - ÄISCHDALLTOUR": DEMANDE D'AVIS (COURRIEL DU 16/02/2022 DE LA PART DE JOËL MEYERS)**

Op Demande vun der Gemeng Habscht, déi vum 13.-15.08. (Weekend+Feierdag) den CR105 tëschent Habscht a Simmer spären wëll ( Selbstverständlech sinn d'Stroossen ëmmer nach fir d'Riverains an d'Landwirtschaft op) fir den Äischdalltour ze organiséieren. D'Verkéierskommissioun gëtt do hiren Avis favorable.

D'Memberen vun der Verkéierskommissioun hunn proposéiert d'Streck vum Tour bis an den Mariendall ze erweideren.

Eng weider nei Idee gouf an deem Zesammenhang vun den Gemengevertrieder opgeworf, fir opgrond vum geplangten neien Véloswee zwëschen Useldange an Keispelt, een eegenen Tour ze organiséieren fir dësen neien Tronçon dem Public ze presentéieren. Dës Propose soll weider un d'Sportskommissioun geleet ginn.

#### **8. VERSCHIDDENES**

D'Gemengevertrieder informéieren dass et an Planung ass eng M-Box (Park"haissen" fir Vëloen) zu Béiwen an zu Tënten ze installéieren.

D'Memberen vun der Verkéierskommissioun soen dem Här CONRAD an dem Här VOSMAN Merci fir dass si sech d'Zäit geholl hunn den Projet vum neien Véloswee virzustellen.

**FIN 22h00**